

Lëtzebuerg, de 8. Februar 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*„De Bau vum Contournement vun Housen ass am Summer d'lescht Joer an der Chamber gestëmmt ginn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:*

- Wéi gesäit de geneeën Timing vum Chantier aus? Wéini kéinten d'Aarbechten ufänken?*
- Ass d'Ausschreibungsprozedur schonn ugelaf?*
- Wat soen déi geologisch Studien iwwer den Zoustand vum Terrain aus, op deem den Tracé realiséiert soll ginn?*
- Wat fir eng spezifisch Kompensatiounsmoosname mussen duerchgefouert ginn? “*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu